N° 5985
Reçue le 26.04.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 5985 vum 24. Mäerz 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen an vum honorabelen Deputéierten Här Fred Keup.

1. Wéi eng Mesurë goufen an deene leschten zwee Joer vun Ärem Ministère geholl, fir déi laang Waardezäite bei der Mammographie ze verkierzen? Wéi jugéiert d'Madamm Minister d'Resultat vun dësen Mesuren?

Esou wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°2915 erkläert gëtt et een regelméissegen Austausch zwëschen der Gesondheetsdirektioun an den Spideeler esou wéi och Visiten sur Place fir die bescht méiglech Solutioun ze fannen fir den Prozess vun den Rendez-vous'en an de verschiddenen Spideeler z'optimiséieren.

Et sief drop higewisen datt d'Residente, am Alter vun 50 bis 69 Joer déi bei der CNS affiliéiert sinn, systematesch all zwee Joer invitéiert ginn fir um Dépistage vum Broschtkriibs deelzehuelen. Dës Invitatioun ass 2 Joer gülteg an am Fall wou dës verluer gëtt, kann eng nei Invitatioun beim Centre de coordination des programmes organisés de dépistage des cancers an der Gesondheetsdirektioun ugefrot ginn. Zousätzlech kënnen affiliéiert mee net-Residenten och op Ufro un dësem ëffentleche Gesondheetsprogramm Deel huelen.

Fir ee Rendez-vous fir en individuellen Dépistage ausserhalb vum organiséierte Screeningprogramm ze kréien ass d'Waardezäit effektiv méi laang. D'Organisatioun vun de Rendez-vous'en fir dës individuell Mammographien ginn vun den Spideeler direkt organiséiert.

Am Fall wou en Dokter eng Mammographie fir seng Patientin ufreet op Gronn vun verdächtegen Symptomer an engem motivéierten Avis dierf den Délai fir een Rendez-vous fir eng Mammographie net méi wéi 2 Wochen daueren.

Tableau 1. Délais vun de Rendez-vous'en fir déi verschidde Prestatiounen vun der Mammographie opgelëscht pro Spidol (Quelle : Gesondheetsdirektioun)

Situation au 07.10.2020	**CHL**	**CHDN**	**HRS-ZITHA**	**HRS-KIRCHBERG**	**CHEM**
mammo PM	2 semaines	4 mois	1 semaine	4 mois	1 mois ½
bilan de mammo PM	1-2 semaines	1 semaine	1 semaine	2-3 semaines	1-2 semaines
mammo/écho hors PM	12 mois	5 semaines	6 mois	6 mois	2 mois
Situation au 01.04.2022	**CHL**	**CHDN**	**HRS-Zitha**	**HRS-KIRCHBERG**	**CHEM**
mammo PM	1-2 semaines	4 mois	1 semaine	1 semaine	1 semaine
bilan de mammo PM	1-2 semaines	1-2 semaines	1-2 semaines	1 semaine	1 semaine
mammo/écho hors PM	18 mois	3 mois ½	9 mois	10 mois	4 mois ½
mammo de diagnostic en urgence hors PM	1 semaine	1 semaine	1 semaine	1 semaine	1 semaine

PM = programme mammographie

2. Ass d'Zuel vun den Radiologen, déi hei am Land befugt sinn, fir Mammographien ze maachen an ze intepretéieren, säit dem Ufank vun der Pandemie an d'Lut oder erofgaangen? Kann d'Madamm Minister erklären, ob dës Evolutioun direkt oder indirekt mat den Auswierkunge vun der Pandemie an Zesummenhank steet?

Et sief dorun erënnert datt d'Gesondheetsdirektioun just Informatiounen huet zu den Radiologen déi an der Imagerie mammaire täteg sinn, déi och am Programme Mammographie agréiert sinn.

Am Kader vun dësem Programme sinn um 1. Januar 2022 am Ganzen 15 Radiologen an 23 Assistants techniques médicaux (ATM) am Programme agréiert. Et ass an deenen lëschten zwee Joer also een Radiologe bäikomm am Kader vum Programme Mammographie. Dozou kommen nach puer Radiologen déi och Aktivitéiten an der Imagerie mammaire hunn, awer net am Programme agréiert sinn. D'Gesondheetsdirektioun huet allerdéngs keng genau Informatiounen zu der Unzuel vun dësen Radiologen, et ass awer dovunner auszegoen datt et sech heibäi em 3 bis 4 Radiologen handelt.

3.Wéi eng Efforte wëll d'Regierung an Zukunft maachen, fir d'Situatioun vun d laange Waardezäiten ze verbesseren?

Wéi schonns beschriwwen, sinn d'Délai'en fir d'Rendez-vous'en fir eng Mammographie ze kréien vun Spidol zu Spidol ënnerschiddlech. Motivéiert Urgencen kréien ëmmer en Rendez-vous bannent maximum zwou Wochen. Am Kader vum Programme mammographie, leien d'Délai'en fir en Rendez-vous och ëmmer zwëschent eng an zwou Wochen, mat Ausnam vum CHdN wou den Délai effektiv bis zu 4 Méint daueren kann. Fir dëst ze behiewen huet den CHdN rezent en zousätzlechen Radiologue agestallt. Parallel dozou lafen och Diskussiounen an der Commission permanente du secteur hospitalier (CPH) fir datt d'Apparater an den véier Spideeler alleguerten erneiert ginn fir datt se méi performant sinn. Et soll och een zousätzlechen Apparat an den CHdN op Ettelbréck kommen.

Lëtzebuerg, den 26. Abrëll 2022

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert